schéien. Bis dohinner, mengen ech, vergeet net méi allze vill laang Zäit. Fir gutt Saachen ze maachen, Madame Wagener, brauch et heiansdo e bësse méi laang. Dat ass esou an der Politik. Et muss een och an Etappe virugoen. Eng éischt Etapp war eng nei Gesetzgebung iwwert d'Naturalisatiounen, iwwert d'Wahlgesetz an esou weider.

Dat hei ass elo den Ofschloss vun engem längere Wee, deen awer wichteg ass och am Zesummenhang mat der Entwécklung hei zu Lëtzebuerg als ee Land, wat och an den nächste Jore muss op d'Immigratioun zréckgräifen a wou et noutwendeg ass, datt och hei an deem Land als Immigratiounsland d'Zesummeliewen op eng friddlech Aart a Weis ka geschéien a wou jiddereen hei zu Lëtzebuerg, dee wëllt an deen d'Konditioun erfëllt, och ka matbestëmmen iwwert d'Schicksal an iwwert d'Politik, déi hei zu Lëtzebuerg ze maachen ass.

An deem Sënn soen ech lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Zanussi wollt awer nach fir d'éischt eng Proposition de loi déposéieren. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

8. Dépôt d'une proposition de loi

M. Marc Zanussi *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vun der Geleeënheet profitéiere fir den Dépôt vun der

- Proposition de loi 5329 sur les transports publics

ze maachen.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch de Kolleeg Marc Zanussi. D'Propositioun gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet. D'Wuert huet elo den Här Ben Fayot.

9. 4810 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise visant à introduire la double nationalité et à faciliter l'accès à la nationalité luxembourgeoise (suite)

Discussion (suite)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt zu där ausgezeechenter Aarbecht vun der Madame Wagener fënnef Remarquen hei virdroen. Déi éischt Remarque - fir bei dem Schluss unzefänken - betrëfft d'Äntwert vun der Regierung, déi jo zweeanenhalleft Joer gebraucht huet, fir fënnef Zeilen zu där Proposition de loi vu sech ze ginn.

Perséinlech muss ech soen, dass ech déi Äntwert vun der Regierung eigentlech als en Affront ukucke vis-à-vis vun der Aarbecht vun engem Deputéierten, deen op zwielef Säiten extensiv a prezis iwwer eng schwiereg Problematik geschriwwen huet. D'Regierung huet selbstverständlech gesot, si géif déi Proposition de loi negativ aviséieren a si huet op en Aussproch vum Statsminister bei dem Débat iwwert den État de la nation higewisen, wou de Statsminister gesot huet, et misst ee vum Wieler e kloren Optrag kréien.

Et ass schonns hei an der Diskussioun ugeklongen, wat een als kloren Optrag vum Wieler kënnt erwaarden. Mir ginn als Parteie mat Programmer an d'Wahle vun 100, 120 Säiten, wou eng ganz Partie Elementer dra sinn, ënner anerem och Aussoe vun enger oder zwou Zeilen iwwert d'duebel Nationalitéit.

Wann eventuell d'Fro vun der duebeler Nationalitéit géif thematiséiert ginn - dat ass jo schonn an anere Wahlcampagnë gemaach ginn, zum Beispill ass jo bei de leschte Wahlen an Däitschland, duerch eng Ënnerschrëftenaktioun vum Här Koch vun der CDU, dat thematiséiert ginn -, wann dat also wierklech zu engem wichtegen Thema gëtt, da gëtt et schwéier fir aus enger Wahl, déi iwwer e gesamte politeschen Optrag geet, e prezisen Optrag fir d'duebel Nationalitéit erauszefannen.

Ech huelen awer gären zur Kenntnis, dass déi sou genannte grouss Parteien, an natierlech och déi Gréng, an hire Programmer alleguerten eppes iwwert d'duebel Nationalitéit soen - dat ass den Ënnerscheed zu deem, wat 1999 de Fall war -, sou dass een also kann unhuelen, wann déi Parteien erëm an dëst Parlament zréckkommen, dass dann an der duebeler Nationalitéit eppes wäert bougéieren.

Zweet Remarque: D'LSAP huet d'duebel Nationalitéit an hirem Programm vun 1999 gefrot. Firwat hu mer dat gefrot? Ma well mer mengen, dass et net gutt ass, dass een zu Lëtzebuerg zwou Halschechte vun der Populatioun huet, déi eng Halschecht, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet, an déi aner Halschecht, déi hei residéiert, déi hei schafft, déi hei Steiere bezilt an déi och zu engem gewëssen Deel un der Citoyennetéit deelhëlt, souwuel iwwert d'Kommunalwahlen oder dann och iwwert d'Europawahlen.

Et ass net gutt wa mer eng Gesellschaft mat zwou Vitessen hunn a fir ons war an ass d'duebel Nationalitéit, also de Fait, dass ee kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen ouni seng Ursprongsnationalitéit opzeginn, en Astig vun deene Bierger, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit net hunn an d'politescht Liewen zu Lëtzebuerg. Mir sinn net der Meenung, dass een esou ouni Weideres Leit, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, den Accès zum Stëmmrecht gi soll fir d'Chamberwahlen. D'duebel Nationalitéit ass e Mëttel fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, schaffen, Steiere bezuelen an och sozial gesellschaftlech aktiv sinn, den Zougang zu dem politesche Matsproocherecht ze ginn. Dofir menge mer, dass een déi duebel Nationalitéit soll ustriewen, fir eben aus Lëtzebuerg e kohärent Land ze maachen, wou d'Integratioun vu méiglechst ville Bierger an dat politescht Liewen erméiglecht gëtt.

Eng drëtt Remarque, déi ech wollt maachen: Mir hunn dat Gesetz iwwert d'Naturalisatioun vun 2001 net mat gestëmmt, net well mer géint déi administrativ Vereinfachunge waren, déi deemools agefouert gi sinn, mä mir hunn an der Haaptsaach dergéint gestëmmt, well eben dee Schrëtt, dee jo eigentlech elo jiddereen unerkennt an dee sech no 1968 an der Entwécklung vun der Gesellschaft eben als néideg erwisen huet, deemools net gemaach ginn ass, obschonn dat zimlech largement - och vu Leit vun der CSV an och, zwar méi retizent, vun eenzelner vun der DP, mä och vun anere Fraktiounen - als en néidegt an e wichtegt Mëttel unerkannt ginn ass.

Eng weider Remarque: Dunn ass jo vun der Regierung dee Rapport Delpérée/Verwilghen an Optrag gi ginn; an dee Rapport ass jo extrem interessant. Ech menge schonn, dass een am Detail muss kucke wat doranner steet, mä och an der politescher Ausriichtung déi doranner ass. Déi zwee Professeren, wat jo bestëmmt an hirer Ausriichtung keng Revolutionäre sinn, soe ganz kloer: „La nationalité multiple est un fait" haut an Europa. Et ass also näischt Extraordinäres an an deem Zesummenhang, mengen ech, étant donné dass déi Nationalité multiple e Fait ass, ass et och net méi esou einfach vun Nationalité d'origine ze schwätzen. Ech mengen, wann een engem d'Lëtzebuerger Nationalitéit gëtt, da gëtt en zum Lëtzebuerger an da gëtt et nëmmen eng Zort Lëtzebuerger, déi d'Nationalitéit hunn.

Wat an deem Rapport och interessant ass, dat ass, dass e vu Citoyenneté multiple schwätzt. Dat heescht, dass et Elementer vu Citoyenneté gëtt, déi elo schonn Net-Lëtzebuerger hei zu Lëtzebuerg hunn, sief et dass se a Gemengekommissioune participéieren, sief et dass se och un de Gemengewahlen, un den Europawahle participéieren - ech hunn dat scho gesot -, et gëtt also schonn en Higang op déi Nationalitéit, déi mer jo och als Fundament vun där Citoyenneté ugesinn.

Et geet och drëm fir den Net-Lëtzebuerger - dat steet och an deem Rapport - eng politesch Aktivitéit zu Lëtzebuerg ze entwéckelen, wat och wichteg ass fir den Zougang zu der Lëtzebuerger Gesellschaft. Et sollen och - dat soe se och an dat fannen ech och richteg -, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, keng laxistesch Konditiounen opgestallt ginn. Déi Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit soll also seriö gemaach ginn, et sollen also kloer an däitlech an novollzéibar Konditioune gestallt ginn an et soll och de Kumul vun zwou oder souguer dräi Nationalitéite méiglech sinn.

Dofir mengen ech schonn, dass een elo misst am Geescht vun deem, wat an deem Rapport steet, dat Gesetz iwwert d'Nationalitéit an der nächster Legislatur erëm op de Métier huelen. Ech hu gesot, dat Gesetz vun 2001 huet dat Gesetz vun 1968 reforméiert an et huet am Fong geholl keen décisivë Fortschrëtt par rapport zu 1968 duergestallt an dofir musse mer dat elo erëm frësch maachen.

Lescht Remarque: Den Här Glesener huet op den Débat iwwert d'Awanderung higewisen. Ech mengen, deen Débat iwwert d'Awanderung huet am Fong geholl keng politesch Konklusioune gezunn. De Rapport vum Här Glesener, mat allem Respekt, deen een dofir kann hunn, ass kee Rapport, deen hei ofgestëmmt ginn ass an ech menge schonn, dass een an deem Débat iwwert d'Immigratioun net onbedéngt d'Richtung fonnt huet.

Mä d'Richtung steet ganz kloer am Rapport vun den Experten an och an deenen Aussoe vun de Parteien an hire Wahlprogrammen an ech menge mir sollen och déi Richtung goen. Dat ass keng Fro vun Emotiounen. Ech mengen et ass eng Fro vu Rationalitéit, vun der Manéier, wéi mer dës Lëtzebuerger Gesellschaft, wou esou vill Ausländer wunnen, strukturéieren a kohärent maachen, wou d'Leit zesummeliewen an och politesch zesummeliewen a politesch zesummen handelen.

An deem Sënn géif ech op jidde Fall déi Aarbecht vun der Madame Wagener begréissen a si och félicitéiere fir déi interessant Aarbecht, déi se gemaach huet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'duebel Nationalitéit ubelaangt, geet et net duer, dass een einfach de Bâton magique erauszitt an dann dekretéiert: Esou, elo féiere mir hei am Land d'duebel Nationalitéit an. Esou einfach ass et net. Et geet och net duer, dass een eng Proposition de loi mécht, déi méi Froen opwerft, wéi se Äntwerte gëtt, sou dass ech déi presentéiert Proposition de loi just als Déclaration d'intention considéréieren, déi vläicht engersäits, wat de Sujet ubelaangt, offen Dieren arennt, awer op déi juristesch Konsequenze guer net ageet.

Wann ech déi véier Haaptpunkten eraushuelen an do d'Meenung vu menger Partei a menger Fraktioun ka soen, sinn déi folgend:

- Aféierung vun der duebeler Nationalitéit. Bien entendu, mä et gëtt net nëmmen d'duebel Nationalitéit, et gëtt och d'multiple Nationalitéit. Et geet also net duer, fir nëmmen einfach vun der duebeler Nationalitéit ze schwätzen, sondern et kënne Leit sinn, déi dräi a véier verschidden Nationalitéiten hunn an et muss een also och eng Léisung dofir fannen.

- Den Délai de résidence op dräi Joer erofsetzen. Kloer neen. Et kann een net higoen an d'duebel Nationalitéit méi einfach maache wéi d'Naturalisatioun. Dat geet net, da misst dat gläichzäiteg geschéien. Fir mech ass dat also kloer neen.

- D'Procédure de naturalisation politique duerch eng Procédure administrative ersetzen. Kloer neen. D'Procédure politique jo, se accéléréieren, se méi schnell maachen, do kënne mer eppes maachen.

- D'Sprooch als e Facteur d'intégration ugesinn, an net als e Critère d'exclusion. Et ass fir eis kee Critère d'exclusion. Fir eis sinn déi Konditiounen, esou wéi se momentan wat d'Sprooch ubelaangt sinn - well mir hu se jo elo eréischt agefouert an determinéiert -, kloer a mir ginn och zu dësem Zäitpunkt net dru rüttelen.

Wat déi gesellschaftspolitesch Themen, déi sech an dëser Legislaturperiod gestallt hunn, ubelaangt, huet d'Demokratesch Partei vu kengem heibannen an och vu kenger Partei eng Lektioun ze kréien.

Wat elo plutôt d'duebel Nationalitéit ubelaangt, do sinn ech jo zitéiert ginn an engem Extrait vum „Lëtzebuerger Wort" vum Auteur vun dëser Proposition de loi. Dat war op engem Débat an der portugisescher Ambassade. An do ass och nëmmen de façon incomplète dat erëmgi ginn, wat d'Vertrieder vun deene verschiddene Parteien do gesot hunn. Ech hu ganz kloer gesot, dat wat mer kënnten direkt maachen, dat ass d'duebel Nationalitéit fir EU-Bierger, wat eppes ganz Verschiddenes ass, well et gëtt jo och nach eng Citoyenneté européenne an da misst een och nach kucken, wéi et an deenen anere Länner ass.

Zum Beispill wësse mer, dass a Frankräich, an Holland, an Irland an an England d'duebel Nationalitéit toleréiert ass. Et muss een also och e bësse kucke wéi et an deene Länner ass an do misst dann eng Uniformisatioun kommen.

Dat heescht also, wann ech gesot hunn, et kann een dat direkt maachen oder et kënnt een dat maachen, da war et fir d'EU-Bierger. Mir hunn très nettement d'Differenz gemaach tëschent der duebler Nationalitéit fir EU-Bierger a fir Bierger, déi net aus den EU-Länner kommen. Mir hunn eis iwwregens op eiser Journée parlementaire vum 27. September 2002, an dofir sinn ech och zitéiert ginn am Oktober 2002, fir d'duebel Nationalitéit vun EU-Bierger ausgeschwat, a wat Net-EU-Bierger ugeet, misst een an esou engem Fall d'Condition de réciprocité stellen. Et muss een also och kucke wéi et an deem Land ass, wou de Requérant d'Lëtzebuerger Nationalitéit ufreet.

An eisem neie Grondsazprogramm, dee mer am November 2003 ugeholl hunn, schwätze mir eis och fir déi duebel Nationalitéit als e wichtege Beitrag fir d'Integratioun aus. An och an eisem Wahlprogramm, dee mer den 20. Mäerz ugeholl hunn, schwätzt d'DP sech kloer fir déi duebel Nationalitéit aus. A wann ech déi verschidden Orateure vun deene Fraktiounen, déi hei vertruede sinn, héieren hunn, schéngt dat mer jo dann en Acquis ze si fir no de Wahlen déi duebel Nationalitéit anzeféieren hei zu Lëtzebuerg. Et däerf also da kee Wahlthema ginn, well mer jo d'accord iwwert de Prinzip sinn, an do sinn ech jo och zitéiert ginn, well ech fäerten, dass gewësse Populisten dee Sujet géingen opgräife fir Angscht bei de Lëtzebuerger Bierger ze maachen, an dat däerf ënner kengen Ëmstänn geschéien.

Mir als faire Koalitiounspartner haten dat net an dem Regierungsaccord stoen, mä näischt verhënnert, dass mer dat no de Wahle géinge maachen, well et muss ee jo och kucken, an dofir ware mer d'accord fir eng Discussion approfondie ze maachen, dass mer momentan, no deem Rapport, deen ass jo eréischt am Januar 2004 déposéiert ginn, an enger Période suspecte sinn.

Et ass menger Meenung no elo net un der Zäit fir esou en Débat en profondeur an esou kuerzer Zäit ze féieren, sondern esou en Débat muss preparéiert ginn. Dee soll an déi zoustänneg Kommissioun kommen. Do sollen all déi Schwieregkeeten, déi sech stellen, déi juristescher a politescher Natur sinn, diskutéiert ginn an enger Léisung zougefouert ginn an da kënne mer dee largen Débat d'orientation mat deenen noutwendege Resolutiounen oder Motiounen hei an der Chamber féieren an zu gläicher Zäit och e Gesetzestext, sief et vun der Regierung kréien oder wéi och ëmmer, deen da vun dem Conseil d'État aviséiert gëtt. Dat ass eng ganz kloer Positioun vun der Demokratescher Partei.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir verschléissen eis deem Sujet net, au contraire, mir hunn direkt Décisiounen dozou geholl. Eis Positioun ass kloer an ech hoffen, dass mir kënne mathëllefen no de Wahlen déi duebel Nationalitéit hei zu Lëtzebuerg anzeféieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vum ADR direkt soen, datt mer héchstwahrscheinlech net mat deem Konsens, dee bis elo hei an der Chamber besteet iwwert d'Aféierung vun der duebler Nationalitéit, kënnen d'accord sinn, well den ADR huet a sengem Wahlprogramm stoen, datt mir géint d'Aféiere vun der duebler Nationalitéit sinn. Mir waren dat nach ëmmer a mir mengen och, datt et berechtegt ass.

Mä fir d'éischt geet et awer drëm och ze diskutéieren doriwwer wat een ënnert der duebler Nationalitéit versteet, well verschidde Parteien hunn an der Vergaangenheet eng Differenz gemaach iwwert d'Konditioune wéi ee kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien.

Wann ech ka simplifiéieren, esou ass et bei CSV, DP an ADR eng vun de Konditioune gewiescht fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, datt een d'Lëtzebuerger Sprooch muss kënnen. Ech hunn awer gemierkt, datt bei anere Parteien éischter d'Lëtzebuerger Nationalitéit soll bradéiert ginn iwwert de Fait, datt keng Konditioun méi besteet fir Lëtzebuergesch ze kënnen ier ee kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien.

An deen Ablack wou een dat ka festhalen, muss een natierlech awer och gesinn, datt et bei deeneselwechte Parteie schéngt esou ze sinn, datt fir an d'Fonction publique kënnen eranzekommen awer nach ganz fest Connaissancë vun der Lëtzebuergescher Sprooch gefrot ginn an datt déi Lëtzebuerger Sprooch esouguer kontrolléiert gëtt vun engem Vetrieder vun der gréisster Gewerkschaft aus der Fonction publique.

Esou steet et elo am Gesetz an et däerf ee sech awer hei kengen Illusiounen higinn, well e gudden Deel vun deene Leit, déi wëllen d'lëtzebuergesch Nationalitéit kréien, d'Hoffnung hu fir an d'Fonction publique kënnen anzetrieden. A wann een higeet an de Leit da seet, Dir däerft d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, mä Dir däerft net an d'Fonction publique erakommen, ech mengen, da schaaft een hei Bierger éischter an zweeter Klass an et ass kloer…

(Interruptions diverses)

Dach, et huet domadder ze dinn, well dobaussen an der Opinion publique dat meeschtens esou domadder verbonne gëtt.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ech weess, datt d'sozialistesch Kolleegen dat net gären héieren, mä et ass awer déi Sprooch, déi se dobausse verstinn. Dat ass esou, well et ass ganz kloer, Dir wëllt hunn, datt déi Leit hei sollen zu Lëtzebuerg d'Stëmmrecht kréien, fir datt se sech doduerch kënne besser integréieren, mä éischtens ass d'Aféierung vun der duebler Nationalitéit net gläichzestelle mat der Aféierung vum Wahlrecht, well e gudden Deel vu Leit d'duebel Nationalitéit net kënnen hunn. Beispill d'Belsch. Däitschland, do weess ech et elo net méi, well d'däitsch Verfassungsgeriicht elo kierzlech en Uerteel geholl huet an där Affär. Mä et ass awer kloer, datt verschidde Länner d'duebel Nationalitéit net unerkennen, also och mir hinnen déi Nationalitéit net kënne ginn. Si mussen also e Choix treffen. Dat schéngt mer e wesentleche Facteur ze sinn.

Déi zweet Kritik, déi mir ubréngen a woufir mir géint d'duebel Nationalitéit sinn, dat ass, datt et dann hei zu Lëtzebuerg Bierger gëtt, déi just eng Nationalitéit hunn an däerfen an eng Fonction publique erakommen a Bierger, déi zwou oder méi Nationalitéiten hunn an déi kënnen an zwou oder méi Fonctions publiques erakommen, déi kënnen an zwee oder méi Länner stëmme goen. An datselwecht gëllt och nach beim Problem vun der Extraditioun, esou wäit wéi et net iwwert de Mandat d'arrêt européen geet.

De Professer Delpérée huet a sengem Bericht och nach verschidde Beispiller ginn, wou manifestement een, deen zwou Nationalitéiten huet, deen zwee Päss huet, och verschidden Avantagen huet, déi deen, deen nëmmen ee Pass huet, net huet.

An do gesäit een och, dass deen Ablack, wou een iwwert d'Problematik diskutéiert, Verschiddener dat wëlle léisen op eng ganz generéis Aart a Weis, wou se déi Avantager vun der double oder multiple Nationalitéit wëlle jiddferengem zouerkennen, an aner Parteien, déi dat wëllen au contraire ganz strikt limitéiert hunn an duerch international Verträg mat anere Länner wëlle limitéieren. Sou dass den Débat dobaussen awer nach wäert bestoe bleiwen, well vill Leit mengen, dass wann haut gesot gëtt vu verschiddene Parteien, mir féieren d'duebel Nationalitéit an, dann hunn ech awer d'Impressioun, dass, wa mer herno gesinn, wat effektiv als Text erauskënnt, dass dann d'Leit awer gesinn, dass vun deenen eenzelne Parteien et awer eng etlech Ënnerscheeder ginn an der Approche, wéi se d'Léisunge wëlle gesinn.

Mir mengen, dass et op jidde Fall de verkéierte Wee ass an dass et net de Wee ass, fir hei zu Lëtzebuerg d'Leit besser ze integréieren. Mir mengen au contraire, dass d'Integratioun soll doduerjer geschéien, dass d'Leit, wa se e Choix maachen iwwer hir Nationalitéit, se dat maache fir Lëtzebuerger ze ginn an deen Ablack all Rechter a Flichten hunn an net eng zweet Nationalitéit kënnen hunn aus enger Aart Shopping vun deenen Avantagen, déi hinnen am meeschte kënnen zousoen.

Et ass ganz kloer, dass et och nei weider Problemer wäert ginn, wann een Elteren huet, déi selwer d'duebel Nationalitéit hunn. Wat fir eng Nationalitéit hunn dann d'Kanner, zwou oder véier Nationalitéiten? Ech mengen, dat si Problemer, déi bestinn, an déi gi manifestement zu dësem Zäitpunkt ënnert den Teppech gekiert an et läit keng kloer Léisung vir.

Et gëtt och Problemer, déi sech erginn, wat d'Identitéit vun de Persounen ugeet. De Professer Delpérée huet drop higewisen, dass mer eng etlech Prozesser haten iwwert den Numm vum Kand beispillsweis, well verschidden Nationalitéiten dat aneschters gesinn an aner Konditiounen hunn. Bref, do gëtt et eng etlech Problemer, déi net geléist sinn.

Doriwwer eraus muss een och soen, dass, fir iwwerhaapt kënnen d'duebel Nationalitéit anzeféieren, Lëtzebuerg muss d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Pluralitéit vun den Nationalitéiten dénoncéieren. An den Artikel 12.3 vun der Konventioun gesäit vir, dass en Délai vun engem Joer no där Deklaratioun muss bestoe bleiwen, wou d'Konventioun awer nach spillt. Et gesäit een also, dass et op jidde Fall, souguer wann et zu engem Changement an der Législatioun kënnt, net fir haut a muer wäert sinn.

Do, wou ee sech och Froe muss stellen, dat ass déi Konventioun vun den Nations Unies, déi vun New York vum 20.2.1957, iwwert d'Nationalitéit vun der bestuetener Frau. Den Titel selwer weist schonn aus, dass dat eng Konventioun ass, déi deelweis iwwerholl schéngt ze sinn, mä déi awer och nach eng Gültegkeet huet, an déi Lëtzebuerg och misst dénoncéieren, fir iwwerhaapt kënnen d'duebel Nationalitéit anzeféieren.

Dat gesot, bleiwe mir als ADR bei der Meenung, dass d'Aféiere vun der duebeler Nationalitéit näischt weider bréngt zu der Integratioun. Mir fäerten och, dass dat doten e weidere Moyen ass, fir au contraire d'Lëtzebuerger Nationalitéit als solch ze bradéieren, an dofir kënne mir och net mat där Proposition de loi d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

(Interruptions)

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen d'Fro vun der Nationalitéit, vun der Acquisitioun vun der Nationalitéit ass eng fundamental Fro, well et stellt d'Fro, wat fir déi eenzel Leit, wat fir dëst Parlament, wat fir dës Regierung eng Natioun ass. Et kann een do verschidden Approchen hunn, mä de Gesetzgeber muss d'Konditioune festleeën, ënnert deenen een déi Nationalitéit kritt oder ka kréien, wann en dee Choix ausdréckt.

Dat ass eng fundamental Fro, an ech mengen net, dass een déi liichtfankeg soll décidéieren, an ech mengen och net, dass een déi kann décidéieren, ouni an enger Demokratie en Optrag vum Wieler zu esou enger fundamentaler Fro ze hunn. Dat erkläert largement firwat dës Regierung kee Projet de loi op deem dote Wee presentéiert huet.

Déi zwou Parteien, déi dës Regierung bilden an déi an dësem Parlament eng Majoritéit hunn, haten allen zwou net an hirem Wahlprogramm an dofir och net am Koalitiounsprogramm d'duebel Nationalitéit ageschriwwen. An engem Koalitiounsprogramm steet net alles, steet net all Detail, mä wann ee fundamental Froe beäntwert, déi ee guer net am Virfeld bei Wahlen diskutéiert an an e Wahlprogramm geschriwwen huet, da menge mir wär et net richteg, dass een dat einfach géif aféieren.

Dat erkläert, firwat mir an dëser Legislaturperiod keen esou ee Projet abruecht hunn, an dat erkläert och, firwat mer zum Prinzip vun der Proposition de loi, déi mir hei diskutéieren, en negativen Avis ginn hunn.

Ech refuséiere kategoresch, wann hei gesot gëtt, eng kuerz Stellungnahm vun der Regierung wär en Net-Respekt vu parlamentarescher Aarbecht, wéi den Här Fayot dat gesot huet. Wann ee mat engem Prinzip net d'accord ass, wann een dat par ailleurs oft an der Öffentlechkeet an och an dësem Haus, nämlech duerch d'Stëmm vum Statsminister, erkläert huet, da mengen ech, brauch een net zéng Säiten ze schreiwen, fir dee Prinzip ze soen.

Ech mengen, et wär gutt, wa mir an Zukunft géingen zu de Propositiounen…

(Interruptions)

Ma jo, well mir der Meenung waren, dass eis schnell Stellungnahm am Kader vun der Erklärung zur Lag vun der Natioun, wat jo awer ee vun deene wichtegste Momenter an der parlamentarescher Debatt war an ass, eng Äntwert op Är Proposition de loi wär, an déi schréftlech Stellungnahm do hu mer gemaach, nodeem Dir mech nach eng Kéier hei opgefuerdert hat, eis Positioun nach eng Kéier ze soen, well Dir gesot hutt…

(Interruption)

…, well Dir hei an dësem Parlament gesot hutt, mir hätte keng Meenung. Do hunn ech lech gesot: Da kritt Dir déi bis den Owend sechs Auer; ech schreiwen lech dat, wat ech de Mëtteg nach eng Kéier gesot hunn. A wat ech lech haut de Mëtteg elo nach eng Kéier soen, ech kann lech dat och nach eng Kéier schreiwen, mä ech mengen, dat bréngt eis…

(Interruption)

Gutt, also wéi gesot, d'Erklärung zur Lag vun der Natioun huet dat gesot, mä ech ginn zou, Madame Wagener, dass mer vläicht och hätte kënnen dee Moment dat, wat mir mëndlech gemaach hunn, obschonns dass d'Erklärung zu der Lag vun der Natioun, souwäit ech weess, och schréftlech am Parlament ofgi gëtt, mir op Grond vun där vläicht dee Moment och nach dat hätte kënnen eng Kéier schréftlech maachen. Ech bieden dann dat ze verzeien, dass mir dat net an deem Moment och dee Mëtteg nach eng Kéier schréftlech gemaach hunn.

Mä de Prinzip soll dee bleiwen: Firwat huet d'Regierung dat net déposéiert? Well mir dat net an der Koalitioun ofgemaach hunn an och gemengt hunn, dass ee wéi gesot esou eng Fro net liichtfankeg däerf beäntwerten.

Zweetens, an dat ass mir ganz wesentlech: Wat ass d'duebel Nationalitéit? Den Här Henckes huet versicht eng Äntwert op déi Fro elo grad ze ginn, mä et muss een awer trotzdeem och gesinn, dass an eisem Land et ganz vill Leit gëtt, déi haut schonn d'duebel Nationalitéit hunn, wat e wesentleche Facteur ass, dee vläicht och an der Iwwerleeung vun enger ganzer Rei vu Leit iwwert déi lescht Joren an ënnerschiddlech och zu Nopeschlänner hei zu Lëtzebuerg muss beäntwert ginn, nämlech all déi, oder vill vun deenen, déi an engem Bestiednis sinn, wou déi zwou Eltere verschidden Nationalitéiten hunn, do hunn d'Kanner och schonn haut no eiser Gesetzgebung zwou Nationalitéiten.

Dat heescht also, dass mir haut de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit schonn an eiser Gesetzgebung hunn, well mir gesot hunn, wann ee vun den Elteren eng Nationalitéit huet - dat ass d'Lëtzebuerger Gesetzgebung, déi dat seet -, da kritt d'Kand automatesch déi Nationalitéit. Wann deen aneren Elterendeel eng aner Nationalitéit huet, dann huet dat Kand, wann och dat Land eng Loi nationale ausschlaggebend huet fir d'Nationalitéit, och déi aner Nationalitéit.

Dat Zweet ass, an dat ass déi Fro, déi mir eis musse stellen, wann een elo wëllt d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien duerch e volontären Akt, also par acquisition, musse mir eis d'Fro stellen: Forcéiere mir dann déi Persoun hir ursprünglech Nationalitéit opzeginn? D'Fro, déi mir eis dee Moment musse stellen, ass net nëmmen - an do bedaueren ech e bëssen, dass se am Débat oft nëmmen esou gefouert gëtt -: Ass ee fir oder géint d'duebel Nationalitéit? Fir mech als Justizminister gëtt déi wesentlech Fro an deem nächste Parlament wa mer doriwwer mussen diskutéieren: Ënner wat fir enge Konditiounen erlabe mer enger Persoun déi Nationalitéit, déi se urspréngléch hat, bäizebehalen, wa se d'Lëtzebuerger Nationalitéit wëllt acquéréieren?

Ech huelen e portugisescht Kand, wat hei op d'Welt komm ass an hei an der Schoul war, dat duerch seng Elteren d'portugisesch Nationalitéit kritt huet, wat wëlles huet hei zu Lëtzebuerg wunnen ze bleiwen, wat an engem gewësse Moment seet, ech wär och gäre Lëtzebuerger: Forcéiere mer dat Kand a soen: Du muss elo alles opgi wat däi Passé representéiert, wat deng Elteren, deng Grousselteren, deng Virfahre representéieren? Refuséiere mer deem ënnert deem Moment d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien? An dofir mengen ech - an dat ass meng Meenung als Justizminister an dëser Regierung -, dass de wesentleche Punkt deen ass vun de Konditiounen, déi mer dee Moment setzen.

Ech mengen, dass mer duerfir musse laang Residenzklausele virgesinn, éier ee kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, bei Bäibehalung vu senger Ursprongsnationalitéit, an zweetens, dass mer nach méi Akzent musse leeën op déi Sprooch, déi an dësem Land d'Nationalsprooch ass, nämlech d'lëtzebuergesch Sprooch. Dir wësst, dass ech dat an deem Gesetz iwwert d'Reform vun den Nationalitéiten agefouert hat, mä mir mussen eis an där doter Debatt nach eng Kéier iwwerleeën, ob mer do net nach méi Wäert mussen drop leeën, well den Integratiounsfacteur ass an enger Gesellschaft, déi sech duerch vill Nationalitéite charakteriséiert a wou een e Bindeglied brauch, d'Sprooch notamment, an dofir musse mer och doriwwer en Débat féieren.

Mir féieren en Débat am Kader vun deene kommende Wahlen, mir brauche virun allem en Optrag vun de Wieler, mä duerno musse mer och en Débat féieren iwwert d'Konditiounen. Och wa mer mam Prinzip d'accord sinn, geet dat net duer. Iwwert déi Konditioune musse mer diskutéieren, an déi Konditiounen dierfen net dozou féieren, dass et einfach eng Convenance personnelle an engem gewësse Moment ass fir déi Nationalitéit ze kréien, mä dass d'Integratioun virdru bewisen ass, an de Gesetzgeber muss déi Konditiounen an eisen Ae ganz prezis virgesinn.

Merci.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Ech wollt just eppes preziséieren, an do wäert Der mat mir d'accord sinn: Kanner, wou d'Elteren zwou verschidden Nationalitéiten hunn, déi hunn effektiv d'duebel Nationalitéit bis zum Alter vun 18 Joer, mä da mussen se eng Optioun treffe fir déi eng oder fir déi aner Nationalitéit.

M. le Président.- Domadder, Kolleegen, wär dee Punkt ofgeschloss a mir kommen dann elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 4947 vun der Madame Renée Wagener iwwert d'Adoptiounsrecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Wiseler, d'Madame Err, den Här Rippinger an den Här Henckes. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Renée Wagener.

10. 4947 - Proposition de loi tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées

Présentation

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG), auteur.-* D'Autorin, Här President. Merci fir d'Wuert. Den Accès zur Adoption plénière besteet hautdësdags zu Lëtzebuerg just fir bestuete Koppelen. Dës Proposition de loi gesäit dofir vir, fir déi Konditioun ofzeschafen. An deem Sënn huet se och e ganz enke Lien mat deenen zwee Projeten, déi deemnächst hei am Plenum ustinn, nämlech dem Projet de loi zum Partenariat a meng eege Propositioun zur Ouvertür vum Mariage fir homosexuell Koppelen. Ech géif scho bal behaapten, et wär e wichtege Complément zu deenen zwee Texter, esou dass ee bal scho vun enger Dräifaltegkeet hei kéint schwätzen.

Den zentrale Grond, Här President, firwat dës Regierung d'Bestiednis net wëllt opmaache fir homosexuell Koppelen, läit an där traditioneller Konzeptioun vun der Famill a vun der Filiatioun oder, fir et mat engem Zitat vum Erzbëschof vun der kathoulescher Kierch auszedrécken: „dem einzigartigen und unverwechselbaren Rang der Ehe zwischen Mann und Frau und der in ihr verwurzelten Familie". Meng Proposition de loi vun 1996 iwwert den Accès zum Mariage fir homosexuell Koppele war an deem Sënn net nëmmen e Versuch fir d'Diskriminéierung u sech vun deene Koppelen ofzeschafen, mä och fir de Privileg vun der heterosexueller Koppel a Fro ze stellen, fir dierfe Kanner grousszezéien, ob dat elo hir eegen oder adoptéierter sinn.

Ech si mer awer ganz schnell bewosst ginn, dass et mat der Ouvertür vum Mariage eigentlech net gedoe wär, mä dass de System vun der Adoptioun, esou wéi en haut zu Lëtzebuerg besteet, nach aner Bevölkerungsgruppen diskriminéiert, well en zumindest bei der Adoption plénière op d'Konditioun vum Bestiednis opgebaut ass.

Ech hat dofir och am Mäerz 2002, wéi mer iwwert d'Konventioun par rapport zu den internationalen Adoptiounen hei diskutéiert hunn, eng Motioun eraginn, wou d'Regierung opgefuerdert gi war, eng Reform vun där Gesetzgebung ze maachen an déi un d'gesellschaftlech Gegebenheeten unzepassen, eng Reform, déi souwuel hetero- an homosexuell Koppele géif gläichstellen, wéi och deene célibatairen Eenzelpersounen den Accès zu der Adoptioun géif erméiglechen.

Déi Motioun ass deemools mat de Stëmme vun der CSV a vun der DP verworf ginn, wat ech ëmsou méi interessant fannen, wéi déi zwou Parteien ës jo net midd ginn, fir sech an der Öffentlechkeet als Reformparteien duerzestellen. Et ass frappant, Här President, dass keng vun deenen zwou bis elo och nëmmen undeitungsweis bereet war, dee Reformschrëtt, deen et jo wär, a Saache Gesellschaftspolitik ze envisagéieren! E Schrëtt, deen iwwregens schonn an enger Rei vun européische Länner ugaange ginn ass oder zumindest undiskutéiert gouf an deen och am Fong e Stéck vun Demokratiséierung vum Accès zur Adoptioun duerstellt.

Och zu Lëtzebuerg, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat iwwregens schonn en Thema gewiescht. Mir haten e Geriichtsfall, dee bis virun